LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°4857 du 5 octobre 2026 de l'honorable Député Georges ENGEL et de l'honorable Député Ben STREFF concernant « Contrôles des conditions de travail des cadres supérieurs ».

<u>Fro 1:</u> Wéi kontrolléiert d'Inspection du travail et des mines (ITM), ob d'Bestëmmungen iwwer d'Aarbechtszäit, d'Iwwerstonnen an d'Rouzäiten an de Betriber respektéiert ginn? Wéi vill Kontrolle goufen an dësem Beräich an de leschte fënnef Joer duerchgefouert a wéi vill Verstéiss goufen dobäi festgestallt?

D'Inspection du travail et des mines (ITM) kontrolléiert ob d'Bestëmmungen iwwer d'Aarbechtszäit, d'Iwwerstonnen an d'Rouzäiten agehale ginn. Dës Kontrolle ginn entweder aus eegener Initiativ a geziilt am Kader vu Kontrollaktiounen duerchgefouert oder opgrond vu Reklamatiounen. Si kënnen ouni Virukënnegung op der Plaz stattfannen oder no enger Demande vun Dokumenter an hirer Iwwerpréiwung.

D'Agente vun der ITM kënnen am Kader vun hire gesetzleche Befugnisser d'Aarbechtsplaze betrieden an all Bicher, Regësteren, Fichieren an Dokumenter ufroen, déi mat den Aarbechtskonditiounen ze dinn hunn. Am Mëttelpunkt vun dëser Kontroll steet de Regëster oder de Fichier, an deem de Patron festhale muss, wéini den Aarbechtsdag ufänkt an ophält, wéi laang all Dag geschafft gëtt, wéi vill iwwer déi normal Aarbechtszäit eraus geschafft gëtt a wat dofir bezuelt gouf.

Dës Donnéeë gi ënner anerem mat de Paiziedelen verglach. Esou gëtt iwwerpréift ob déi jeeweils uwennbar Bestëmmungen iwwer déi maximal Aarbechtszäiten, d'Rouzäiten an d'Kompensatioun vun den Iwwerstonnen agehale ginn. Dobäi ginn och déi gesetzlech virgesinn Ausnamen an déi eventuell geschélt Kompensatioune berücksichtegt. Am allgemenge Regimm ass eng deeglech Rouzäit vun op d'mannst eelef Stonnen um Stéck an eng wéchentlech Rouzäit vu véieravéierzeg Stonne virgesinn.

Wa Verstéiss festgestallt ginn, gëtt de Patron fir d'éischt invitéiert, seng Situatioun ze regulariséieren. Wann hien no enger Kontaktopnam seng Situatioun nach ëmmer net regulariséiert huet, fuerdert d'ITM de Patron per Injonctioun an d'Rei ze bréngen. Wann de Patron enger Injonctioun net bannent der virgeschriwwener Frist nokënnt, kann den Direkter vun der ITM eng administrativ Geldstrof verhänken. Dëst schléisst net aus, datt festgestallte Strofdoten an engem Procès-verbal festgehale ginn deen un de Parquet weidergeleet gëtt. Verstéiss géint d'Bestëmmungen iwwer d'Aarbechtszäit kënnen donieft mat enger strofrechtlecher Geldstrof vun 251 bis 15.000 Euro bestrooft ginn.

Déi follgend Tabell weist wéi vill Kontrollen d'ITM an de leschte fënnef Joer am Beräich vun den Aarbechtskonditiounen duerchgefouert huet. An dësen Zuele sinn d'Kontrollen an de Beräicher Sécherheet a Gesondheet op der Aarbecht, Sozialdialog a Sozialwalen, Harcèlement souwéi Detachement

net mat abegraff. D'Anhale vun de Bestëmmungen iwwer d'Aarbechtszäit an d'Rouzäite gëtt am Kader vun de Kontrolle vun den Aarbechtskonditiounen iwwerpréift.

Joer	**2021**	**2022**	**2023**	**2024**	**2025**	**2026***
Kontrollen am Beräich vun den Aarbechtskonditiounen	1.157	1.148	2.075	1.856	1.666	1.424

** Stand vun den Zuelen de 14. Oktober 2026.*

Déi follegend Tabell weist, wéi sech déi festgestallte Verstéiss op d'Beräicher Aarbechtszäit, Iwwerstonnen a Rouzäite verdeelen.

Zuel vun de Verstéiss no Beräich	**2021**	**2022**	**2023**	**2024**	**2025**	**2026***
Anhale vun der Aarbechtszäit	209	211	195	224	167	92
Iwwerstonnen	432	550	530	429	381	175
Pausenzäiten	47	94	119	135	93	62
Wéchentlech Rouzäit	128	168	154	135	116	53
Deeglech Rouzäit	42	45	68	83	73	44
Total	**858**	**1.068**	**1.066**	**1.006**	**830**	**426**

** Stand vun den Zuelen de 14. Oktober 2026.*

<u>Fro 2:</u> Wéi kontrolléiert d'ITM konkret, ob Salariéen, déi vun hirem Patron als „cadres supérieurs" agestuuft ginn, déi gesetzlech Konditioune fir dëse Statut effektiv erfëllen? Goufen an de leschte fënnef Joer Fäll festgestallt, an deenen dës Qualifikatioun net gerechtfäerdegt war? Falls jo, wéi vill?

Als cadres supérieurs gëllen déi Salariéen deenen hir Pai däitlech méi héich ass wéi déi vun de Salariéen, déi ënner e Kollektivvertrag falen oder deenen hir Pai op eng aner Manéier no engem Barème festgeluecht ass. Zousätzlech muss dës Pai d'Géigeleeschtung fir e reelle Pouvoir de direction sinn deen och effektiv ausgeüübt gëtt oder d'Aufgabe musse mat enger kloer definéierter Autoritéit, enger grousser Onofhängegkeet bei der Organisatioun vun der Aarbecht an enger grousser Fräiheet bei den Aarbechtszäite verbonne sinn. Dozou gehéiert notamment, datt et keng Contraintë bei den Aarbechtszäite gëtt.

Dës Konditioune si strikt auszeleeën. Am Prinzip muss de Patron, dee sech op dëse Statut vum cadre supérieur berifft, noweisen, datt dës Konditioune alleguer erfëllt sinn. Fir d'Astufung sinn déi tatsächlech ausgeüübt Funktiounen an d'konkret Aarbechtsorganisatioun ausschlaggebend. D'Bezeechnung am Aarbechtsvertrag geet eleng net duer. Am Fall vun engem Konflikt entscheeden déi zoustänneg Geriichter op Basis vun de Bestëmmungen déi am konkrete Fall gëllen.

Bei hire Kontrolle sammelt d'ITM konkret Informatiounen an Ënnerlagen, notamment den Aarbechtsvertrag, d'Paiziedelen an, wann et e Kollektivvertrag gëtt deen am Betrib gëllt, och dëse Kollektivvertrag. Am Kollektivvertrag muss stoen wéi eng Personalkategorien net dovun ofgedeckt sinn.

Ob e Salarié de Statut vum cadre supérieur huet oder net, fält an d'Zoustännegkeet vum Aarbechtsgeriicht. Dës Zoustännegkeet verhënnert net, datt d'ITM am Kader vun hire Befugnesser iwwerpréift, ob d'Bestëmmungen iwwer d'Aarbechtszäit agehale ginn. Wann d'ITM op Basis vun de gesammelten Informatiounen der Meenung ass, datt déi betraffe Salariéen net als cadres supérieurs unzegesi sinn, kann si e Procès-verbal opstellen an un de Parquet weiderleeden.

An de leschte fënnef Joer huet d'ITM kee Fall festgestallt, an deem d'Astufung als cadre supérieur net gerechtfäerdegt war.

<u>Fro 3:</u> Ass d'Regierung der Meenung, datt e Salarié iwwer déi fir e cadre supérieur verlaangte „large liberté des horaires de travail" verfüge kann, wann e reegelméisseg zu bestëmmten Auerzäite muss disponibel sinn oder u Reuniounen deelhuele muss, déi vum Patron respektiv duerch d'Organisatioun vun der Aarbecht virgi sinn?

De Code du travail gesäit eng Definitioun vum cadre supérieur vir, déi eng Rei vu Kritären festleet, déi am Kader vun der Bewäertung vum Statut als cadre supérieur a Betruecht gezu musse ginn. D'Fräiheet bei der Organisatioun vun den Aarbechtszäite stellt dobäi ee vun de relevante Kritären duer, deen net onofhängeg vun deenen anere gesetzleche Viraussetzunge bewäert ka ginn.

D'Existenz vu reegelméissegen Disponibilitéitsfënsteren oder obligatoresche Reuniounen, déi vum Patron oder duerch d'Organisatioun vun der Aarbecht virgi sinn, kann en Indice duerstellen, deen op eng Aschränkung vun der Fräiheet bei der Organisatioun vun den Aarbechtszäite hiweist. Dëse Critère ass awer am Zesummenhang mat deenen anere gesetzleche Kritären ze analyséieren, notamment dem Grad vun der Onofhängegkeet bei der Organisatioun vun der Aarbecht, dem Ëmfang vun de Responsabilitéiten an der tatsächlecher Autonomie, iwwer déi de Salarié a senger Funktioun verfügt.

Et ass deemno eng Gesamtbewäertung vun de konkreten Ëmstänn an der effektiver Ausübung vun der Funktioun néideg, fir ze beurteelen, ob déi gesetzlech Viraussetzunge fir den Statut als cadre supérieur erfëllt sinn oder net.

<u>Fro 4:</u> Verfügt d'ITM iwwer Donnéeën dozou, wéi grouss den Undeel vun de cadres supérieurs an de Lëtzebuerger Betriber ass? Falls jo, gëtt et Betriber oder Secteuren, an deenen dësen Undeel besonnesch héich ass?

De Code du travail gesäit keng Obligatioun vir, d'Salariéen, déi de Statut vum cadre supérieur hunn, bei der ITM ze mellen oder ze registréieren.

D'ITM huet dowéinst keng Donnéeën doriwwer, wéi grouss den Undeel vun de cadres supérieurs an de Lëtzebuerger Betriber ass. Si huet deemno och keng Informatiounen doriwwer a wéi enge Betriber oder Secteuren dësen Undeel besonnesch héich wier.

<u>Fro 5:</u> Wéi gëtt kontrolléiert, ob d'Betriber hir gesetzlech Obligatiounen am Beräich vum Droit à la déconnexion ëmgesat hunn? Wéi vill Kontrolle goufen zënter dem Akraafttriede vun de Sanktiounsbestëmmungen duerchgefouert a wéi vill Verstéiss goufen dobäi festgestallt? Wéi vill Sanktioune goufen an dësem Zesummenhang ausgeschwat?

D'Gesetz vum 28. Juni 2023 huet fir all Patron deem seng Salariéen digital Instrumenter fir hir Aarbecht benotzen, d'Obligatioun agefouert e Regimm anzeféieren, deen den Droit à la déconnexion ausserhalb vun der Aarbechtszäit garantéiert. Dëse Regimm gëtt iwwer e Kollektivvertrag oder en Accord, deen dësem ënnergeuerdent ass, festgeluecht.

Wann et keen esou Kollektivvertrag oder Accord gëtt, gëtt de Regimm um Niveau vum Betrib festgeluecht, nodeems d'Personaldelegatioun informéiert a consultéiert gouf. A Betriber mat op d'mannst 150 Salariéë muss dat am géigesäitegen Accord mat der Personaldelegatioun geschéien.

De Gesetzgeber huet virgesinn, datt d'Bestëmmung, déi Sanktioune virgesäit wann dës Obligatioun net agehale gëtt, eréischt dräi Joer no der Veröffentlechung vum Gesetz a Kraaft trëtt.

D'Kontrollen, déi zënter dem 1. Juli 2026, dem Akraafttriede vun de Sanktiounsbestëmmungen, duerchgefouert ginn sinn, betreffe Betriber géint déi eng Reklamatioun agereecht gouf well den Droit à la déconnexion net agehale ginn ass.

Dës Betriber gi fir d'éischt opgefuerdert, der ITM bannent enger bestëmmter Frist eng Kopie vun hirer interner Prozedur oder hirem spezifesche Regimm ze schécken deen den Droit à la déconnexion ausserhalb vun der Aarbechtszäit garantéiert.

Wann de Betrib dëst Dokument net bannent der virgeschriwwener Frist eragëtt kann hien duerno per Injonctioun dozou opgefuerdert ginn. Kënnt hien dëser Injonctioun net no a kann hien net noweisen, datt et am Betrib esou eng Prozedur oder esou e Regimm gëtt, kann eng administrativ Geldstrof vun 251 bis 25.000 Euro géint hie verhaange ginn.

Zënter dem 1. Juli 2026 goufen néng Kontrollen ageleet. A fënnef Fäll hunn déi betraffe Betriber der ITM déi ugefrote Prozedur geschéckt. Dräi Kontrolle sinn nach net oofgeschloss, an eng Kontroll gouf ofgeschloss nodeems de betraffene Betrib faillite gemaach huet. Bis elo huet d'ITM kee Fall festgestallt, an deem e Betrib de virgeschriwwene spezifesche Regimm net agefouert huet. Et huet dowéinst an dësem Zesummenhang och nach keng Sanktioun missten ausgeschwat ginn.

<u>Fro 6:</u> Ass d'Regierung der Meenung, datt den aktuelle gesetzleche Kader genuch Garantië bitt, fir eng eventuell mëssbräichlech Notzung vum Statut vum cadre supérieur ze verhënneren? Falls nee, ass eng Upassung vum Code du travail virgesinn, notamment fir d'Kontroll an d'Dokumentatioun vun de Krittäre fir dëse Statut ze verstäerken?

D'Regierung wäert d'Evolutioun vun der Jurisprudenz am Zesummenhang mat der Definitioun vum cadre supérieur am Sënn vum Code du travail a besonnesch mat der konkreter Applikatioun vun de gesetzleche

Kritären analyséieren. Op Basis vun dëser Analyse wäert evaluéiert ginn, ob déi aktuell Definitioun de reelle Verhältnisser um Aarbechtsmarché nach genuch Rechnung dréit an ob eng Upassung vum gesetzleche Kader ubruecht ass, fir d'Definitioun un déi aktuell Aarbechtsrealitéiten unzepassen an eng kohärent Applikatioun vun de gesetzleche Kritären ze garantéieren.

Luxembourg, le 4 novembre 2026

(s.) Marc SPAUTZ
Ministre du Travail